# 29.11.1986 : Conveniat Joergäng 1945 bis 1955

Fir d'éischte Kéier hunn « d'Wiisser Leit » e Conveniat organiséiert vu Schoulkomeroden, déi vun 1945 bis 1955 gebuer goufen an hei zu Wis an d'Schoul goungen.

34 Invitéierter waren em 17.00 h bei der Kierch, fir zesummen an d'Mass ze goen. Si gouf gehalen vum Här Paschtouer Ernest Hentzen.

Duerno huet d'Gemeng, vertruede vum Här Arsène Weicker, Scheffen, den Éirewäin offréiert.



1. Rei : Grün Liette, Hein Jean-Claude, Stoffel Guy, Riehl Viviane, Weber Théid, Goedert Liliane, Hein Gérard, Weicker Arsène, Mousel Aline, Meyer Yvonne, Stümper Sylvie, Tremuth Fernand, Hentzen Ernest.
2. Rei : Schmit Paul, Stümper Rita, Kiessel Marie-Josée, Lorentz Sylvie, Kieffer Milly, Thill Marco, Tangeten Matianne, Berscheid Gerry, Kiessel Lucie, Goedert Marie-Thérèse, Riehl Claude.
3. Rei : Schmumacher Marie-Josée, Leweck Claudine, Riehl Marie-Jeanne, Tremuth Simone, Schumacher Fernande, Hoss Ghislaine, Rodesch Rolly, Weber Elise, Meyer Raymond, Stümper Alain, Wagner Nicky, Mertes Angelo.

Op der Foto feelt den Thill René.

Duerno goung et dann bei de Bouler, wou d'Wiisser Leit den Apéritif offréiert hunn.

Om Menu stong :

- Zopp a Paschtéit
- Ham mat Fritten an Zalot
- Glace a Kaffi

Den Digestif gouf vun der Famill Kohn offréiert.

Nodeem eise President forfait erklärt hat fir eng Riechen ze schmäissen, huet de Sekretär missen asprangen. Hien huet kuerz de Veräin virgestallt an seng Ziler

erklärt. Duerno konnten dann déi Invitéiert, déi et wollten, sech als Éiremembren aschreiwe loossen.

Bis 2 Auer (fräi Nuet war keng ugefrot ginn) hunn déi meescht et dann beim Bouler ausgehalen. Am Casino zu Munnerëf goung et da virun. Den Ofschloss hunn déi lescht Kämpfer beim Schmit Paul zu Munnerëf gemat. Géint 6.30 h goung eise President zu Bett.